N°2530
Entrée le 26.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

An der Äntwert op meng parlamentaresch fro n°2351 huet de Minister verschidden Detailer zu Saisië vu gefälschte Luxusartikel a Produite ginn. Opgrond vun dësen Äntwerte stellen sech awer eng ganz Rei weider Froen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'Fro 1 schreift de Minister: "Déi substantiell Hausse no 2022 kann dobäi op méi Facteuren zréckgefouert ginn, dorënner déi wirtschaftlech Post-Covid-Reprise."

   Kann de Minister weider Prezisioune ginn, firwat et zu dëser signifikanter Hausse zu Lëtzebuerg réischt 2023 komm ass? Dëst besonnesch virum Hannergrond, dass grad mat der Covid-19-Pandemie an de Lockdowne schonn 2020 respektiv 2021 den Online-Handel massiv eropgaang ass an och d'EUIPO schonn 2021 dorop opmierksam gemaach huet, dass 2020 ronn 7 Prozent vun allen Importer an d'EU Fakes gewiescht wiere, mat engem Wäert vun 120 Milliarden Euro.

2. An der Äntwert op d'Fro 4, vu wou déi meeschte gefälschte Wueren hierkommen, äntwert de Minister, dass déi meescht gefälscht Produiten aus China, der Türkei an dem Vietnam géif kommen.

   Kann de Minister preziséieren, op wéi engem Wee déi gefälschte Wueren an d'Land komm sinn?

3. Bei der Fro 6 gëtt de Minister Detailer iwwert d'Käschte fir d'Vernichte vu Fakes. Bei dësen Zuelen ass eng däitlech Baisse vun de Käschte festzestellen.

   Kann de Minister déi däitlech Baisse vun de Käschten erklären, besonnesch am Hibléck op déi massiv Croissance vu saiséierte Produiten?

4. Falen am Zesummenhang vum Saiséiere vu gefälschte Produiten nieft de Käschte fir d'Vernichten nach weider aner Käschten un? Wa jo, woufir a wéi héich sinn dës Käschten an de leschte 5 Joer gewiescht?

5. Kann de Minister schematesch duerstellen, wat nom Saiséiere vun engem gefälschte Produit

geschitt a wat fir verschidde Prozeduren et ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten